



Moosnamen an Coronazäiten

Léif LSWer*innen,

mat deem heiten Dokment wëllen mir iech op all Coronamoosnamen opmierksam maachen an déi oft gestallten Froen fir d'Lëtzebuerger Studenten zu Wien beäntweren.

Dest Dokument gëtt och mat der Zäit geupdate wann d Moosnamen sech änneren an mir versichen sou gutt wie méiglech um neisten Stand ze sinn.

COVID-19-Noutfallveruerdnungen – Wien

Seit dem 1. Abrëll, an bis viraussichtlech den 2. Mee, gëllt zu Wien eng **24 Stonnen Ausgangsbeschränkung**, wat bedeit, dass een déi eegen Wunneng net verloossen dierf.

Déi wichteg Ausnamen sinn:

- Wann een selwer an Gefor ass
- D'Hellefleeschtung fir ennerstützungsbedierfteg Persounen souwei d'Erfëllen familiärer Verpflichtungen
- Liewensmëttel akafen goen
- Wéinst Berufs- oder Ausbildungszwecken
- Spadséieren goen an Sport dobaussen maachen

Bei allen Aktivitéiten ass den **Mindestofstand vun 2 Meter** anzehalen. Eng **FFP2-Mask muss gedroen gi** bei allen Aktivitéiten, wou den 2-Meter-Ofstand net agehalen kann ginn wéi z.B. beim Akafen, op engem Maart, am ëffentlechen Transport (och op den Arrêten selwer).

Des weideren gëllt zu Wien och eng **1+1-Reegel** beim Treffen vun aneren Leit an geschlossenenem Raum an och am Freien. Dat heescht souvill wei, dass **1 Stot maximal 1 Persoun** treffen dierf.

Ausserdem gëllt eng **FFP2-Maskenpflicht** op **vill besichten Platzen**. Dëst wieren:

- Donaukanal tëscht der Friedensbrücke an der Franzensbrücke
- Schwedenplatz/Morzinplatz



- Maria-Theresien-Platz/Museumsplatz am Burgring
- Stephansplatz/Stock-im-Eisen-Platz
- Karlsplatz/Resselpark

Unibetrieb – Éisträich

Den [éisträicheschen Bundesministerium fir Bildung, Wëssenschaft an Fuerschung](#) iwwerdréit gréisstendeels den Héichschoulen an Universitëiten an Eisträich selwer d'Verantwortung fir d'Sécherheetsmoosnamen an hiren Gebaier ze installéieren. Dat heescht dass all Héichschoul/Universitëit selwer dofir zoustänneg ass op d'Kueren digital, an Persoun oder am Hybridformat stattfannen. D'Bundesministerium fir Bildung, Wëssenschaft an Fuerschung weist just dorobber hin dass souvill Kueren, Seminäre, Prüfungen, etc. wie méiglech digital ofgehalene sollten gi. Wei déi verschidden Héichschoulen/Universitëiten dëst organiséieren ass hinnen selwer iwwerlooss.

Ze fannen sinn déi Moosnamen op den Siten vun der respektiven Héichschoul/Universitëit:

- Universität Wien:
 - o <https://www.univie.ac.at/ueber-uns/weitere-informationen/coronavirus/>
- Medizinische Universität Wien:
 - o <https://www.meduniwien.ac.at/web/studierende/mein-studium/diplomstudium-humanmedizin/corona-information/>
- Veterinärmedizinische Universität Wien:
 - o <https://www.vetmeduni.ac.at/de/infoservice/news/detail/artikel/2020/11/02/coronavirus-vetmeduni-vienna-2/>
- Fachhochschule Wien:
 - o <https://www.fh-wien.ac.at/en/news/current-information-about-the-coronavirus/>
- Universität für Bodenkultur Wien:
 - o <https://boku.ac.at/oeffentlichkeitsarbeit/covid-19-aktuelle-informationen-zur-lehre-im-ws-2020-21>



- Technische Universität Wien:
 - o <https://www.tuwien.at/tu-wien/organisation/zentrale-bereiche/services-reaktorin/public-affairs/corona-log>
- Wirtschaftsuniversität Wien:
 - o <https://www.wu.ac.at/en/students/distance-learning-and-online-exams/coronavirus-updates-for-students>
- Modul Universität Wien:
 - o <https://www.modul.ac.at/article/view/covid-19-update-campus-building-partially-reopening>
- Universität für angewandte Kunst Wien:
 - o <https://www.dieangewandte.at/covid19>
- Sigmund Freud PrivatUniversität Wien:
 - o <https://www.sfu.ac.at/de/news/informationen-zum-coronavirus/>

D'Bundesministerium fir Bildung, Wëssenschaft an Fuerschung weist hei nach eng Kéier op déi nei Mesuren vum 2-Meter-Ofstand an d'Droen vun der FFP2-Mask hin, déi hei agehalen gi sollen.

Reesen an COVID-Zäiten

Wéi mir alleguer scho rausfonnt hunn, ass d'Reesen an COVID-Zäiten oft vun bestëmmten Konditiounen accompagnéiert. Des Konditiounen versichen mir hei sou kloer wéi méiglech duerstellen.

Arees – Éisträich

Wei et och schoun virdrun den Fall war, muss een weiderhin bei der Arees an Éisträich entweder **een negativen PCR-Test**, deen net méi al ass wei 72 Stonnen, oder **een negativen Antigen-Test**, deen net méi al ass wei 48 Stonnen, virweisen. Mä wann een **keen virweisen** kann, huet een sech **innerhalb vun 24 Stonnen zu Wien ze testen**. Dësen Test muss een duerno, falls et zu enger Kontroll kennt, virweisen kennen.

Wat sech säit dem 11. Abrëll geännert huet, ass wei d'Tester auszegesinn hunn. Nämlech muss den Test folgend Donnéeen hunn:



1. Vir- an Nonumm vun der getesten Persoun,
2. Gebuertsdatum,
3. Datum an Auerzäit vum Testen,
4. Testresultat (positiv oder negativ),
5. Ënnerschrëft vun der 'testdurchführenden Person' an een Stempel vun der 'testdurchführenden Institution oder Bar- bzw. QR-Code'.

Den Problem deen een am Moment als lëtzebuenger Student huet ass, dass een, wann een sech an engem Laboratoire oder am Large Scale Testing testen léist, keen Stempel/Ënnerschrëft/QR-Code/Barcode huet. Dësen ass dofir do fir versécheren ze kennen dass den Test net gefälscht ass.

Dowéinst roden mir iech un iech zu Wien testen ze loosse, well een doduerch dem Stress entgeet sech zu Lëtzebuerg testen ze loosse an den Problem vun feelenden Ënnerschrëften oder QR-Codes entgeet. Ausserdeem gëtt et zu Wien aktuell **vill verschidden Aart an Weisen sech gratis testen ze loosse** (méi dozou weider ënnen).

Säit dem 15. Januar gëllt an Éisträich ausserdeem nach eng elektronesch Registréierungspflicht ([Pre-Travel-Clearance](#)). Vun dëser Registréierung ass een als „Pendelnde(r) Student*in“ **net ausgenommen**. Et muss een sech also och hei umellen, mä et kann een bei den opgelëschten Ausnamen déi **éischt uklicken**, welch fir den Pendlerverkéier geduecht ass (Die Einreise fällt unter eine Ausnahme **des § 6a der [COVID-19-Einreiseverordnung](#)** (Pendlerverkehr)).

Och wann um Ufank vun Dokument vun enger 10-Dag-Quarantän geschwat gëtt, muss dir iech keng Suergen machen.

Des Quarantän kann een als Student*in ëmgoen, wann een bei der Arees beweisen kann, dass een **en Pendler ass**. Domadder ass gemengt, dat een **minimum eng Kéier am Mount tëschent Lëtzebuerg an Éisträich hin- an hieereest**. Bei der Arees kann een also z.B. Fluchticketen vun den leschten Méint virweisen.

Natierlech ass dat vun der Persoun ofhängeg, déi grad kontrolléiert. Sou kann et sinn, dass bei engem Areesenden eng Foto mat Datum duergeet, mee een aneren dat net als Beweis vum Pendelen unerkennt.

Mir roden iech an allen Fäll un, **souvill „Pendlerbeweiser“ (z.B. Fluchtickete, Rechnungen vun Tankstellen, Zuchtickete) wéi méiglech** bei iech ze hunn, fir bei der Arees enger eventueller Quarantänepflicht ze entgoen.



Arees – Lëtzebuerg

D'Arees an Lëtzebuerg **mam Fliger** ass ab dem 29. Januar och nëmmen [ënnert der Konditioun vun engem negativen COVID-Test méiglech](#). Dëst heescht, dass een beim Boarding vun engem Vol mat Destinatioun Lëtzebuerg **ëmmer een negativen COVID-Test (Antigen an/oder PCR) virweisen muss**. Dëst gëllt fir all Persoun, déi an Lëtzebuerg areesen well.

Déi eenzeg Ausnamen sinn:

- Eng Persoun, déi een Aller-Retour Fluch aus Lëtzebuerg mat enger Destinatioun am Schengenraum oder an der EU untriet, wou den Aller a Retour Flug net méi wéi 72 Stonnen ausernee leien.
- Eng Persoun, déi an den leschten 3 Méint eng Coronainfektioon iwwerstanen huet, keng Symptomer méi opweist an hier Isolatiounsperiod scho hannert sech huet. Déi Persoun soll beim Untrieden vun der Rees een Certificat bei sech hunn, deen dëst beweist.

Als Student*in gëtt et do leider keen Wee ronderëm. Et kann een sech zu Wien awer natierlech och gratis testen loossen.

Testen zu Wien

Testen zu Wien schéngt méi einfach ze sinn, wéi bei guddem Wierder eng Platz um Donaukanal ze ergatteren. Et gëtt vill verschidden Méiglechkeete wéi z.B. d'Teststraßen, an den Apdikten, mam 'Alles gurgelt'-Projet.

Duerch d'„**Teststraßen**“, wou een en Schnelltest (ouni Symptomer) maachen kann, geet daat testen ganz einfach. Dëst ass een Antigen-Test duerch Nues-Schleck-Ofstréch. Et muss een sech een **Rendez-Vous huelen**, deen een entweder **online oder iwwert den Gesondheetstelefon** vereinbaren kann.

Déi verschidden Plazen, wou een sou een Antigen-Test duerchféieren kann, sinn:

- [Teststraße Aula der Wissenschaften](#) (Walk-In)
- [Teststraße Austria Center Vienna](#) (Walk-In & Drive-In)
- [Teststraße Ernst-Happel-Stadion](#) (Drive-In)
- [Teststraße Ferry-Dusika-Stadion](#) (Walk-In)
- [Teststraße Schloss Neugebäude](#) (Walk-In)



- [Teststraße Schloss Schönbrunn](#) (Walk-In & Drive-In)
- [Teststraße Schule Erlaaer Schleife](#) (Walk-In)
- [Teststraße Stadthalle](#) (Walk-In)
- [Teststraße Therme Wien](#) (Walk-In)

Et kann een natierlech och Tester an den [Apdikten](#) duerchfeieren loossen. Dës sinn souguer, beim Virweisen vun der Carte de Sécurité Sociale (oder soss eng EU-weit güllent Versecherungskaart), **gratis**. Déi meescht Apdikten erwaarden, dass een een Rendez-Vous ausmëscht, also ass et am beschten et rífft een virum Ranstolzeieren eng Kéier bei der Apdikt un an freet no.

Eng bëssen méi rezent an och gratis Méiglechkeet gëtt vun der Stadt Wien offréiert. Nämlech kann all Mënsch duerch den Projet '[Alles gurgelt](#)' sech och **doheem testen** an een verifizéiert Resultat kréien. Dëst funktionéiert mat **engem Gurgel-PCR-Test**, deen een fir d'éischt misst an een BIPA sichen goen. Do muss een just eng Kéier een Barcode scanne, een nom Umellen um '[Alles-gurgelt-Site](#)' kritt, an scho kritt een **4 Gurgel-Tester mat Heem**. Dann muss een den Test, no den Instruktiounen man (mat Internet/Laptop), an spéider rëm an **enger REWE-Filial ofginn** (BIPA, Billa, Billa-Plus, etc.). Wann een den **Test virun 9 Auer** ofgëtt kritt een d'Resultat, wat btw 72 Stonnen ab Ausféierung vum Test gültig ass, **innerhalb vun 24 Stonnen**. Also den Test en Donneschden Moien man, virun 9 Auer ofginn an domadder Freides an Samschden op d'Terrasse goen (wann déi lo an nächster Zäit opginn).

An den [privat Laboen](#) kann een natierlech och Tests duerchféieren loossen. Déi misst een awer selwer bezuelen (Antigen » 25€, PCR » 95€). Een Virdeel bei verschiddenen Laboen ass dass een een Antikierpertest duerchfeieren kann, deen engem ebessen Kloverheet gëtt op een scho eng Kéier infizéiert war oder net, oder op een eben Corona-Antikierper an sech dréit oder net.

Mir hoffen, dass mir iech mat dësen Informatiounen weider hëllef konnten an bieden iech och gären direkt Froen un eis ze stellen, falls eppes onkloer ass oder falls dir bei iergendenger anerer Affär Hëllef braucht.